# LOUTRES NEWS



Sep. Okt. Nummer 1/2016/2017

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311








LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle:
**"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Schmit Ander
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Miersch

# Loutres News N°01 2016/17

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

| | |
|---|---|
| Rédactioun: | Jacoby Vic |
| Mataarbecht : | D´Cheffen vun den Loutres<br>An all Member, deem des Zeitung nët egal ass. |
| Drock: | Eegendrock |
| Adress: | LOUTRES NEWS<br>c/o Schmit Ander<br>27, rue Quatre-Vents<br>L-7562 Mersch<br>Tel: 32 74 58<br>Gsm : 621 613 285<br>E-mail: anderschmit@web.de |
| Adress vum Home: | 16, Haardter Wee<br>L-7534 MERSCH<br>B.P.31<br>L-7501 Mersch |
| Internet: | www.scouts-loutres.lu<br>info@scouts-loutres.lu |
| Konto: | Les Loutres Mersch |

**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000**

| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

# Program September Oktober-16

Moien Beaver, Wellefchen, Scout an Explorer

Hei sin lo dei eischt Aktiviteiten fir Joer 2016.

| Datum | Aktiviteit | Beaver | Wëllef | Scouten | Explorer |
|---|---|---|---|---|---|
| **17. Sep** | **Open-R<br>14:00 - 16:30** | X | X | X | X |
| **24. Sep** | **Versammlung<br>Colmar-Bierg** | | X | X | X |
| **24. Sep** | **Verspriechen<br>Beaver, Sortie** | X | | | |
| **01. Oct** | **Versammlung** | X | X | X | X |
| **09. Oct** | **Journée commémorative**<br>(den 8. Oct sin keng Versammlungen) | X | X | X | X |
| **15.-16. Oct** | **Montée** | | X | X | X |
| **22. Oct** | **Versammlung** | X | X | X | X |
| 3-5. Jan | Neijoschtcamp | X | X | X | X |

Versammlungen:
Sin an der Reegel all Samstes Mettes ausser an den Schoulvakanzen
14:00 - 16:00 fir Beaver, Wëllef an Scouten
16:00 - 18:00 fir Explorer
Mell dech weg oof wanns de net kommen kanns.

Sortie, WE, Camp:
Hei fëns de all Informatiounen an eiser Loutres News. Eng Umelldung beim Chef ass meeschtens obligaroresch.

Adress vun eisem Home: 16, Haardter Wee, L-7534 MERSCH

D'Cheffenekip vun de Loutres

# Cotisatioun 2016-17

Léif Elteren a Memberen



Fir Member an de Loutres ze sinn, daat heescht eis Zeitung “d´Loutres News”, “De Scout” ze kreien an vun der Assurance gedeckt ze sinn muss jidereen eng Cotisatioun vun **25€** bezuelen.
D‘Scoutsjoër as vum 1.9.2016 bis 31.08.2017

Fir eis ganz nei Memberen kennt nach en eemolegen Beitrag vun **18 Euro** derbäi, fir de Foulard an de Knuet, deen se beim Verspriechen kreien.

**25€ (43€ fir nei Memberen)**

**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000**

Les Loutres Mersch
Mention : « Cotisation 2016/2017»
Numm a Virnumm vum Kand

W.E.G. denkt drun är seier wie Cotisatioun ze bezuelen bis den 15 Oktober 2016.

# Journée de la Commémoration National

Mir hoffen och dech desen Sonnden ze gesinn. Umellen muss de dech net.

| | |
|---|---|
| Rendez-vous: | Sonndes den **09. Oktober 2016**, um 10:00 Auer beim neien Fussballsterrain. (Parking Schlasspesch) |
| Mathuelen: | Tip Top Uniform um Rendez-vous, an wann néideg, eppes géint de Reen. Déi Leit dei nach keng Uniform hun sollen sech fir desen Daag einfach blo undoen. |
| Fir ween : | Fir all eis Memberen vun jengsten Beaver bis den elsten Rover oder Comiteesmember |
| Zereck: | De selwechten Daag, géint 11:45 Auer bei der Mierscher Gemeng. |

# LOUTRES-OPEN-R

Mir invitéieren all Scouten mat hieren Elteren, an all Frënn vun de Loutres

## Samsdes, den 17 September 2016

Et ass schon den 12ten Open-R. No der Summervakanz an dem Camp zu Lorentzweiler a Finnland oder am Nepal geet et rem lass. Hoffentlech sidd der och rem voll motiveiert a mir gesin eis rem.

| | |
|---|---|
| 14:00 : | RDV fir all Beaver, Wëllefcher, Scouten an Explorer um Klaushaff (um Bierg zu Schendels) |
| 16:15: | RDV fir Elteren a Frënn vun de Loutres beim Home – dir kent är Froen stellen an eis besser kennen leieren. |
| 16:30: | Schluss |

Doot iech dem Wieder ugepasst un.
Mir maachen een Trajet mat Posten vum Klaushaff duerch Mamerleen bei den Home.






Wann eppes net kloer ass, kennt Dir Iech gäer mellen beim Vic Jacoby (Chef de Groupe) um Telefon 691 631616 oder beim Marianne Bolmer um 691 820 980 (am leiwsten no 17h00 ☺ )

Lenks Patt - D'Cheffen

# Sortie op Colmar bei Hirschen




Salut Wellefchen, Scout an Explorer

Scouten vun Colmar-Bierg lanceieren een neie Start a mir gin op hier Scoutskiermes luusen.

**RDV ass zu Miersch op der Gare um 13:40 wou mir den Zuch huelen fir op Colmar.**

**Retour as beim Home vun den Hirsch um 16:30** (Parking bei der Schwemm huelen)

# Beaver

Salut Beaver!
Mir hoffen dir hat eng super flott Vakanz an sidd lo voller Motivatioun fir an dat neit Scoutsjoer ze starten. E puer Beaver machen dëst Joer hier Montée an d'Wëllefcher, mee dofir kréien mir nei Verstärkung ☺

Eis Versammlungen sinn Samstegs vun 14h00 bis 16h00. Mir ginn oft mat den Kanner eraus, onofhänngech vum Wieder, dofir dot hinnen ëmmer Gezäi un wat knaschteg kann ginn an fest Schung.

## Programm vum 1. Trimester



| | |
|---|---|
| 17. 09 | Open-R |
| 24. 09 | Sortie Verspriechen |
| 01. 10 | Versammlung |
| 08. 10 | KENG Versammlung |
| 09. 10 | Journée Commémorative |
| 15.-16. 10. | Montée (just fir déi Beaver, déi d'Montée maachen fir déi aner ass KENG Versammlung deen WE!) |
| 22. 10 | Halloween Party (verkleed an d'Versammlung kommen) |

29. 10-06. 11 Vakanz (keng Versammlung)

| | |
|---|---|
| 12. 11 | Versammlung |
| 19. 11 | Versammlung |
| 26. -27. 11 | Kreschtmaart zu Miersch (KENG Versammlung) |
| O3. 12 | Versammlung |
| 10. 12 | Owesversammlung |
| 17. 12 | Versammlung |
| | |
| 03. -05. 01 | Camp |

24. 12-08. 01 Vakanz (keng Versammlung)

Wann's du net an d'Versammlung kanns kommen oder Froen hues, dann ruff eis weg un oder so per Mail Bescheed.


| | | | |
|---|---|---|---|
| Malak (Paul) | 621157585 | Spitzky (Nora) | 691687492 |
| Keeo (Märri) | 691820980 | Blubb (Rony) | 621750157 |

Reebou (Carole) Tic Tac (Kim) Hawky (Martine)

# Beaver

# Sortie Verspriechen



Moien Beaver

Wéi all Joer huelen mir och dëst Joer eis nei Baver offiziell op an deem si hiert Verspriechen man. Dofir hunn mir eng flott Sortie geplangt an hoffen datt all déi nei Beaver matginn. Mee natierlech hoffen mir och datt déi al Beaver derbäi sinn.
D'Verspriechen, dat déi nei mussen ofleeën:
*«Ech wëll e gudde Beaver ginn, deelen, ëmmer fläisseg sinn.»*

Weini? **Samschdes den 24. September**

Wou? **Um 10 Auer zu Miersch beim Home**

Matbréngen? Dem Wieder ugepassten Gezei, déck Schung, e klengen Rucksaack mat eppes ze drénken, engem Bic an engem Block

Zréck? Mir wieren frou wann d'Elteren fir **15:00 op den Hunnebuer** kéinten kommen fir hier Kanner beim Verspriechen z'ënnerstëtzen.

Unmellen? Bis den 22. September iwwert den Site:
www.scouts-loutres.lu
oder beim: Nora JACOBY
96, rue de Luxembourg L-7540 Rollingen

Hues du nach eng Fro oder wëlls de soss nach iergendeng Informatioun dann zeck net an ruff en vun eis un!

Malak (621 157 585) Spitzky (691 687 492) Kéeo (691 820 980)
Blubb (621 750 157) Reebou (691 549 502)
Hawky (621 663 653) Tic-Tac (691 305 002)

# *Marche gourmande*

vun de Loutres vu Miersch an de Munnerefer Mäis





Wéini? Sonndes, den 23.10.16 um 9h00

Wou: Op der Musel, méi genau zu Canech an Emgéigend
**Départ as bei Voyages Emil Weber zu Canech um Parking**

Wéen? Jiddereen grouss a kleng an Equipen vu 6 bis max. 8 Leit

Präis: 45€ pro Erwuessenen inkl. Gedrénks a Wäin op insgesamt 7 Posten
20€ fir Kanner enner 12 Joer
Kanner enner 6 Joer si gratis

Umellung: Per mailen vun der Souche op d'Adress marchegourmande@scouts-loutres.lu bis spéitstens den 9. Oktober 2016

**D'Iwwerweisung vun de Souen op d'Kontosnummer:**
**Les Loutres Material CCPL LU90 1111 2051 4789 0000 as och déi definitiv Umellung an och net remboursabel!**

Den Trajet as ongeféier 12km laang a net geegent fir mat Kannerkutschen

## Souche

Numm/Grupp: ___________________

Tel: __________________________E-mail: ____________________

______Erwuessener x 45€=____€

______Kanner ënner 12 J. x 20€=____€

______Kanner ënner 6 Joer = gratis

# CAMPEN 2016

Moien Wellefchen, Scout an Explorer an deng Elteren

Wars du mat op den UDACA Camp an de Nepal oder an Finnland ?
Et waren super Summercampen fir jiddereen, mee leider sin se riwer an domadder och dei schein Summervakanz.

Pro Kapp egal wous de mat wars kriss zu 50 Euro zreck. Heimadder kanns de dann Scoutsmaterial kaafen fir daat neit Joer.

WEG Souche bis den 30 SEP 2016 ofgin.





Souche Remboursement Summercamp 2016

Numm vum Kand:________________________________

Camp:_____________________________________

IBAN code:_________________________________________________

BIC code:_______________________________

Numm op ween de Kont leeft:_________________________________

De Komitee an ’Cheffenekip